

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. Mee 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Verkéiersminister weiderzeleeden.

Den 2. Mee huet den Här Minister dem Tageblatt en ausféierlechen Interview ginn, wou hie seng Visioun fir d'national Verkéiersinfrastruktur bis 2035 duergeluecht huet a besonnesch op den Ausbau vun de Vëlosweeër agaangen ass. Den Här Minister huet dobäi betount, datt hie virgesäit, fir d'Autoen an Zukunft ëmmer méi staark aus eisen Uertschaften erauszehalen an dës Politik och duerch baulech Moosnamen ze begleeden. Sou ass zum Beispill ze liesen: *"Ich denke daran, Parkstreifen zugunsten eines Radwegs zu opfern"*. Weider kënnt de Minister um Schluss och zur Conclusioun: *"Ich habe doch keine Lust in eine Stadt zu reisen, wo es nur so von Autos wimmelt [...] Lebensqualität bedeutet, dass die Stadt den Menschen gehört"*. Lo ass et awer sou, datt och hannert all Auto op mannst ee Mënsch steet, deen dës benotzt, zum Beispill well e schwéier Kommissiounen transportéiert, well d'Meteo net attraktiv ass fir mam Vëlo ze fueren oder well et ëm kierperlech guer net anescht méiglech ass.

Allgemeng geet aus dem Här Minister sengen Ausféierungen op jiddefalls ervir, datt Plaz zu Lëtzebuerg eng begrenzt Ressource ass, déi notament duerch den ze erwaardenden demographesche Wuesstem déi nächst Jore weider rapid méi knapp wäert ginn. Am private Beräich dréckt dës Knappheet sech haut schon duerch ganz héich Logementspräisser aus, während am ëffentleche Raum d'Verdeelungskonflikter tëschen verschiddene Gesellschaftsgruppen, wéi zum Beispill Foussgänger, Vëloschaufferen an Autoschaufferen op där anerer Säit riskéieren, sech ëmmer méi héichzespillen. An deem Zesummenhang ass notament un dem Här Minister seng follgend Ausso an engem Interview vum 26. Februar am Paperjam ze erënneren: *"Je pense personnellement qu'il ne faut pas pénaliser les utilisateurs de la voiture avant la mise en œuvre d'une offre de transport alternative performante. Par contre, une fois que l'on a mis en place un système de mobilité performant, avec des alternatives à la voiture, on peut recourir au bâton pour convaincre. Si, malgré l'offre alternative existante, vous continuez à privilégier la voiture, alors vous devrez payer pour cela [...] Je pense que la majorité de la population est raisonnable et privilégiera l'offre de transport la plus attractive. Comme pour le vaccin, toutefois, il y a une part de la population que l'on ne parvient pas à convaincre. Avec la voiture, il faudra in fine donner à la part de la population qui n'entend pas adapter ses habitudes d'autres raisons de le faire"*.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

- 1) Eng vun de Moosnamen, déi den Här Minister proposéiert, fir d'Autoen aus den Uertschaften erauszehale läit an der Ëmleedung vum Transitverkéier. Dës Moosnam kéim jo effektiv och den Autoschaufferen ze gutt, déi doduerch méi flësseg kënne fueren, mee wéi bei all zukünftgem Infrastrukturprojet stellt sech d'Fro vun der Plaz ëmmer méi dréngend. Wéi eng Etuden a méiglecherweis och scho Projete bréngt den Här Minister aktuell op de Wee fir bei der

Raumerschléissung vun där strikter Limitt ob d'Notze vun der Uewerfläch ewechzekommen an aner Alternativen ze erschléissen? Wéi eng Etuden a Projete plangt den Här Minister fir den allgemengen Tunnelbau ze intensivéieren an domat souwuel den Transitverkéier mam Auto wéi iwwer d'Eisebunn an den nächste Joren a Joerzénge méi staark ënnerierdesch kënnen ëmzeleeden? Ginn an deem Sënn och scho Modeller aus dem Ausland studéiert? Falls jo, wéi eng?

- 2) Wéi schonn uewen zitéiert, gesäit den Här Minister vir, fir de knappe Verkéiersraum an den Uertschaften zulaaschte vun den Autosfuerer nei ze verdeelen, zum Beispill andeems nach méi Parkméiglechkeete verschwannen. Wéi och schonn uewe geschriwwen, géif sou eng Decisioun fir vill Leit nei Aschränkungen an de Risiko mat sech bréngen, datt nach méi, besonnesch kleng Geschäfte, aus den Uertschaften verschwannen. Wéi beispillsweis de Projet vun der Passerelle ënnert der neier Bréck, am Sënn vun der Fro virdu weist, läit déi bescht Léisung duerfir ëmmer nach doran, no Weeër ze sichen, fir neie Raum ze schafen. Gesäit den Här Minister vir, fir d'Geneemegungsprozedure fir de Bau vun ënnerierdeschem private Parkraum zesumme mat deenen aneren zoustännege Verwaltungen ze vereinfachen a sou och duerch d'Mobiliséierung vu privatwirtschaftleche Ressourcen Ofhëllef ze leeschten? Kéint den Här Minister sech an deem Sënn och virstellen, de Bau vu gewerbleche Parkplazen an Zukunft méi staark mat private Wunnbauprojeten ze verbannen?
- 3) Wéi besonnesch dat däitsch Beispill weist, kann et am Verkéier net nëmmen zu Konflikter tëschent Autoschaufferen an anere Gruppe kommen, mee och ganz staark zu anere Gruppen ënnerteneen, zum Beispill Vëloen a Foussgänger an op diicht frequentéierte Strecken deelweis och den Trammen a Foussgänger. Kann den Här Minister elaboréieren, firwat hien sech bei der aktueller Verkéiersplangung duerfir sou staark op d'Opposition géint den Auto fokusséiert, ouni op aner potenziell Sträitpunkten anzegoen?
- 4) Allgemeng ass unzehuelen, datt den Haaptprobleem, deen dës Regierung beim Auto gesäit, an den CO2-Emissiounen vun de Verbrennungsmotoren läit. Wann awer déi individuell Mobilitéit ëmmer méi staark ageschränkt gëtt, ass d'Elektromobilitéit gläichermoosse betraff. Iwwert wéi eng Rechtssécherheet verfüegen déi Leit, déi aktuell héich Zommen an déi entspreichend Infrastrukturëmstellung investéieren, datt si herno net op deene Käschte sëtze bleiwen, well si souwisou néirens méi mam Auto hikommen?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten